# Eng Damm protèste'ert.

*Un d'Redaktio'n vun der „Natio'n".*

Dir Hèren,

Wann ên ugegraff gét, hûot ên d'Recht (a me' ewe' d'Recht: menger Mênong no eso'guor **d'Flicht**) séch ze verdédégen.

Domat set der dach averstânen!

Fun dém Recht also' Gebrauch mâchend, kommen éch, am Numm vu fille letzeburger Fraen, op e Passage zréck, dén am Artikel «Fazit» an ènger vun de lèschte Nummeren erschienen ass. Dir sot dat hei:

«De' Wullerei ge'nt d'Dynasti ass am Fong nuren e Fraleitsstreit.» — «Wo'er ass op alle Fall, datt bei der antidynastescher Partei d'Fraleit séch «am allerbènzéchsten ge'nt Gro'ssherzogin beholl.»

Wât mèngt Dir domat??

**«Fraleitsstreit», a «Fraleit de' séch am allerbènzechsten behûolen»,** dat se Wirder, de' dèr sche'nster am Jetzeburgeschen Diktionär op kê Fall sin. Zudém si se ganz falsch ugewandt.

Well Dir wärt dach net behâpte wellen, datt et e «Fraleitsstreit» ass, wa mir, letzeburger Fraen, net averstan sen mat der Art a Weis, wi d'Gro'ssherzogin Marie-Adelaïd no bannen, an no baussen rege'ert huot. E «Fraleitsstreit», dé geseit ên hinantwider a ganz bewegte Quartiéen, wann schlecht Nopeschen séch mam Chignon ze pâken kre'en!

Mä wat huot dat ze sôn mat ons, di neischt gemèngs hun mat de Chignonszaraen, an di och mat der Duchesse net a Privatrelation'ne stin?

Hei ass onst ganzt an énzécht Verhältnis zur «Gro'ssherzogin getre'scht»: mir hâten fun hir erwârt, datt si d'Staatsgeschäften **zum Hêl vum Land** fe'ere ge'f. — Si huot ons ower an dèr naïver Hoffnong schwe'er geteischt; an do mir spiren, datt alles fir ons elo um Spîl stêt, (wi Dir sèlwer jo net midd go'ft, et an der «Natio'n» ze schreiwen) do ass et dach

méngerwäreg onst sche'nt Rècht, wa mir d'Gro'ssherzogin net schwe'er am Hiérz drôn, de' onsem Land eso' onendlech fill **enner Trubelen,** an eso' **komplize'ert Situatio'nen mam Ausland** mutwelégerweis verschâft huot.

Set Dir — dir Hèren fun der Natio'n — vleicht fun dénen, di fannen, datt et enger Frâ éndun muss sen, wât **an** hirem Land a **mat** hirem Land geschit? Ech mèngen dach, hautzudag geseit endléch su zîmlech **allmensch** an, datt eng Fra séch et zur Eer urèchne soll, Interesse ze spiren an och ze manifeste'eren fir alles, wât Wichtéges an hirem Héméchtsland firgét. (Suguor d'klerikal Partei, di dach d'Fraen-Emancipatio'n op politeschem Gebitt emmer sistematesch bekämpft hât, welt d'Frae-Stemrecht elo op émol mordicus bei ons afe'eren!)

Un der Spetzt fun alle politesche Froen stêt momentan fir ons de' fun der Staatsform. A wän mir Fraen, (zu onser fill) grad eso' gud wi fill Männer, fannen, datt onst Ideal net verwirkléch get durch di lamentabel Politik an de' onst Ländchen durch d'**Schold fun der Gro'ssherzogin** eragerannt ass; (durch hir fanatesch Parteipolitik engerseits, an durch hiren ugeirvten, deitschen Hausgêscht anerseits) a wa mir Fraen an aller Dignite't an Ausdauer no Besserem striéwen, dann ass et schlecht ubruocht fun der «Natio'n», wann si sét, datt d'Fraleit séch am allerbènzéchsten ge'nt d'Gro'ssherzogin behuolen.»

(Wann éch iwerhapt mir e sche'nen Num wi «d'Natio'n» erausgesicht hätt, da ge'f éch e'schter zu de **Fraen fun der Natio'n,** fum letzeburger Land halen, wi zu engem énzégen «nassauesche Framensch», dat zwar um letzeburger Tro'n setzt, mè **ons Sprôch** emol net schwätze kann. — Huolt iech dé Rot zu Hiérz! dir Hären. Oder ännert den Num fun èrer Rewü!)

Dass am Gegesâtz fu fille Fraen, ons letzeburger Männer am allgemengen net «bènzéch» genug sen, an datt der fill sen, di leider matt net genug Energie den Interessen fum Land zu le'f optriéden, dat ass eng zwêt Wo'erhêt, di der **besser** déngt, erfirzehiéwen, ass wi ons Fraen erof ze man!

Dir sèlwer an der Natio'n hutt emmer op se'erfill Mängel an der Fe'erong fun dem Staatswiésen opmirksam gemâch. — Dir hutt och gesot, d'Gro'ssherzogin misst **iwer de Parteie** ston. (N° 3, 1919.) Huot si dat gemâch? Nie und nimmer!

Dir hutt och gesot, datt **d'Wuol fum Vollék** léch **iwert Wuol fun der Dynastie** gét. (Editorial fun N° 20 & 21, 1918.)

Liést emol à propos fun all dém èren Editorial aus der Nr. 24, 1918 erem no. Do schwètzt Dir. frei fun der Liéwer ewèg. léch ass dât erlâbt, wi 't schéngt. Mä erkéngen mir Fraen ons, dâtsèlwégt ze sôn, patsch, da se mir «allerbènzéchst Fraleit!»

Hoffentlech gèsit der an, dass dir ons zu Onrecht ugeklot hut.

M. M.

(fervent Republikanerin.)

Am Num fu fille Fraen, denen (wi léch nach am lèschten Mont November) «d'Interesse vum Land iwer all aner gin.»